COMMUNIQUÉ

Un : d'Press,
d'Arbitter,
d'Veräiner
an all d' Memberen a Frënn
vun der Futtballfamill

Léif Futtballfrënn,

An e puer Deeg geet déi nei Saison lass a vill Leit hunn eis a läschter Zäit gefrot, ob d'Laurence Zeien an den Abby Toussaint da neess um Terrain stinn oder net. Dat läit net un eis, mir haten an hunn Spaass um Arbitrage mee kënnen mat deem wat hanner de Kulissen leeft einfach net méi averstan sinn well dëst géint all déi Wäerter verstéisst, déi eis wichteg sinn : Éierlechkeet, Demokratie, Oppenheet, Transparenz, Fairness a Respekt.

Et ass eis wichteg de Spiller, Trainer, Veräinsoffiziellen an och den Zuschauer ze soen, dass eis Décisioun absolut näischt mat hinnen ze doen huet ; dass een als Arbitter um Terrain a ronderëm ëmmer am Kräizfeier vun der Kritik steet, ob berechtegt oder net, ass eppes wat ee wësse muss wann een sech fir dësen Hobby interesséiert. Wat een allerdings net wësse kann ass de Beschoss aus den eegene Reihen, virun allem awer vun deene Leit déi am Fong do sinn fir d'Interessen vun den Arbitter ze vertrieden - dëst ass den CAF (Comité des Arbitres Fédéraux). Hien gëtt gewielt vum Conseil d'Administration vun der FLF an 2 Memberen iwwer Referendum vun den Arbitter selwer. Den CAF soll, sou gesäit d'UEFA et vir, onofhängeg sinn vun de Veräiner, wat awer am aktuelle Fall net sou ass ; et muss ee wëssen dass am Moment dräi Memberen vum CA vun der FLF (direkt gewielt vun de Veräiner) am CAF sinn ; wéi onofhängeg den Arbitrage deemno ass, brauch ech Iech jo wuel net z'erklären. Mee méi dozou méi spéit.

Den aktuelle Präsident vum CAF, de Charel Schaack, ass Vizepräsident vun der FLF an him ginn vun Memberen an Ex-Memberen aus sengem eegenen CAF diktatorësch Qualitéiten nogesot ; hien selwer ass awer der Meenung dass ausser him just nach 2 aner Leit wierklech eppes schaffen – do schéint also schon iergendwou de Kamm um Botter ze leien. Paradox ass et dofir, wéi mat all Mëttelen probéiert gouf d'Kandidatur vun engem laangjähregen Spëtzenarbitter an engem vun eise beschten FIFA-Assistenten ze verhënneren. Et gouf him vum Präsident un de Kapp gehäit en hätt « 20 Joer nëmme Schäiss gemaach » – entschëllegt den Ausdrock, mee en ass net vu mir ! Jo seng Kandidatur gouf souguer mat «et ekelt mech » kommentéiert… Schlëmm Aussoen fir e normale Virgang an engem demokratësche System, oder ? E Skandal ? Et kënnt nach besser, well effektiv gouf déi Kandidatur mat Succès verhënnert, andeem aner Kandidaten, déi joerelaang net méi am Arbitrage aktiv waren « ausgegruewe » goufen, bis zu deem Moment wou dann d'Arbitter selwer nees e Vertrieder wiele konnten. Wien wonnert et, dass dësen verdéngten Arbitter haut les mains gewielt gouf ?! Leider gouf domat awer een aneren Member vum CAF, deen vill geschafft huet an e Frënd vun den Arbitter war, désavouéiert. Et war keng Wahl géint dësen Mann mee géint d'Spillercher déi de Präsident vum CAF dreift fir seng eege Macht an domat vielläicht och seng Auslandsdéplacementer ze secheren.

Wahlen sinn souwisou ëmmer en heikelt Thema an den Arbitter-Gremien. Déi virdrun beschriwwen knaschteg Manöver sinn keng Ausnahm mee scho bal zur fester Regel ginn ; wann eng onbequem Kandidatur virläit, ginn Géigekandidaten erbäi gezaubert a natierlech dann och vum CA, respektiv bei Ënnerkommissiounen, vum CAF gewielt. Bei der Wiel vun den Arbittervertrieder gëtt och scho mol gäer an den offizielle Couren vun deene Jonken Stëmmung fir oder géint e Kandidat gemaach. Fairness ?

Meng Géigner wäerte mer entgéinthalen, dass d'UEFA en Audit gemaach huet an alles ok war. Schéin a gudd, loosst den Audit widderhuelen mat Leit déi hier eegen Meenung do soen däerfen a Fakten op den Dësch leeën wéi et wierklech leeft an da gesi mer ob den Audit nach ëmmer positiv ausfällt.
Ech huelen deen Challenge gäer un.

D'Plazen op den internationale Lëschten ginn all Joer nei bestëmmt an den CAF muss dofir all Joer am Oktober seng Propositioun eraschécken. Et kann een et bedenklech fannen, dass eng Kéier am Juni am offizielle Arbittercours gefrot gouf « wien wëll FIFA Assistent ginn ?» oder dass op eemol gläich 8 potentiell Kandidaten do sinn fir den Alain Hamer z'ersetzen (sic). Oder wann en Assistent proposéiert gëtt, deen an 2 Joer just 1 Mätch op der Linn hat, wat total géint d'Oploën vun der FIFA ass. Wéi lächerlech ass et, wann een zwou Wochen éier d'Lëscht virleie soll nach probéiert gëtt ee gudden an erfuerenen Arbitter z'iwwerrieden e soll säi Badge fräiwëlleg ofginn ouni en aneren, besseren Kandidat virweisen ze kënnen ? Dëst sinn nëmmen puer Beispiller vu mangelnder Wäitsiicht, déi eisem Usinn am Ausland immens geschued hunn.

Vill Décisiounen ginn awer anscheinend op Basis vum interne Reglement geholl, just dass dëst Reglement bis haut nach néierens gesi gouf. Et ass och en immens praktëscht Reglement, well et sou elastësch ass, dass een et scheinbar onendlech zéien a béie kann. Sou gesäit dat Reglement vir, dass ee net zwee Joer hannertenee steige kann wann een eng Fra ass oder op eng aner Art a Weis onbequem, respektiv eng eege Meenung huet, dat awer ganz gudd geet wann een dee richtege Mann ass.
Woumat mer beim Thema sexuell Diskriminéierung sinn : jo déi gëtt et an zwar ganz massiv. Oder wéi erkläert ee sech, dass Männer déi um Wupp vum Klassement stinn a Spëtzemätcher am Championnat oder der Coupe zum Asaz kommen, eng Fra aus den Top 5 awer net ?
5 Joer hannerteneen puren Zoufall !
Wéi ass et méiglech, dass enger jonker, motivéierter Arbittësch den Zougang zu engem Examen verweigert gëtt mat der Excuse si wäer mat 16 Joer ze jonk, während Jongen an deem Alter oder anerer déi net sou laang derbäi sinn zougelooss ginn ? Jo, de Responsabelen vum Sportsministère huet dat och gewonnert.
Wéi ass et méiglech, dass eng jonk Arbittësch regelméisseg keng Mätcher kritt während anerer 5-6 mol d'Woch am Asaz sinn ? Och aner Dammen déi scho virun enger Reih Joer opgehal hunn, kéinten e Lidd dovu sangen. Diskriminéirung a Mobbing sinn am Arbitrage traureg Realitéit.

Secherlech wäert lo gäer de Laftest zitéiert ginn an dass jiddereen dat selwecht lafe muss, op Männer oder Fraen. Hei vergläiche mer eist klengt Land da ganz gäer mat de Profiligen aus dem Ausland well dat verschidde Leit gudd an de Krom passt a wéi et op de vergläichbare Niveauen ofleeft wëlle mer léiwer net wëssen. Dass dat alles nëmmen eng Farce ass, dofir fanne mer och hei genuch Beispiller.
Ech ka mech u Laftester erënneren, déi an 5 Etappen ofgehal goufen, un en Test deen, wéi e bestëmmten Arbitter Problemer hat, no 7 Ronnen ofgebrach gouf well et ze glad war – am September!, u Leit déi scheinbar am Niwwel gelaf sinn well et huet ee se nie op der Piste gesinn, un Leit déi, well se keen Test haten, vun hierem Mätch ewech geholl an duerch anerer ersat goufen, déi och net gelaf sinn, u Leit déi international am Asaz waren ouni de noutwendegen Test….
Ech kéint iech erzielen, dass et säit annerhalwem Joer verbueden ass mat engem Kolleg ze lafen fir en z'ënnerstëtzen, vun falschen Zäiten déi der UEFA gemeld goufen, Sprinter op Äis an Tester op Schnéi, Tester eng Woch no engem Trainingslager oder vun engem Wiedderhuelungstest zwou Wochen no enger Verletzung, vu 5 Verletzungen bei engem eenzegen Test….
Mënschlechkeet a Suerg ëm d'Gesondheet vun den Arbitter ? Lafen méi wichteg wéi gudd päiffen ?

Mee éier een sech dat alles gefale loosse muss, muss een emol Arbitter ginn. Thema Aus- a Weiderbildung läit mer och ganz uewen. D'Aféierung vum Schnellcours war eng Méiglechkeet fir schnell eng grouss Unzuel un neien Arbitter ze kréien. Et geet dann awer net duer, onpréparéiert an e Cours ze goen, dass eenzel Orateuren sech ofléisen, ouni Struktur a Konzept, just d'Regelen erof rasselen, méiglecherweis nach op Franséisch an dann d'Päiff an de Grapp a lass. E Cours halen ass nun awer mol trotzdem méi, wéi eng DVD vun der UEFA oder FIFA aleeën, wann dann iwwerhaapt

een dru geduecht huet se matzebréngen – jo och dat gouf et net nëmmen eng Kéier. Dat ass kee Schulungsmaterial fir Ufänger, déi op hiere Mätcher mat ganz aneren Situatiounen konfrontéiert ginn ; eis jonk a nei Arbitter hunn e Bedürfnis fir Basiswëssen duerch praktësch Uwendungen z'erléieren. Dat selwecht gëllt och fir d'Weiderbildung : ech wäer haut net Arbitter wann ech regelméisseg hätt missten extra op den INS oder op Monnerech fueren fir do Owes no der Schoul d'Regelbuch virgelies ze kréien. Et gëtt vill Méiglechkeeten flott a gudd mat jonken a neien Arbitter ze schaffen, et muss ee just déi richteg Leit dat maache loossen.

Et goufen och gudd Initiativen an d'Liewe geruff, ënner anerem d'Referee Acadamy mee och do steet a fällt alles domat wéi een et handhabt – wann déi wéineg Jonker déi regelméisseg an hier Couren ginn domat pénaliséiert ginn, dass grad si manner Mätcher kréien wéi hier Kollegen déi sech nëmme selten weisen, dréit och dat net zur Motivatioun bäi. Oder wa se neess Heem geschéckt ginn well den Laptop net funktionnéiert an da keen eng Iddi huet fir awer en interessanten Cours ze gestalten – ass dat da nach normal ?

Ech hunn éinescht geschriwwen «an dann d'Päiff an de Grapp a lass » mee sou ganz richteg ass dat och net. Wéi frustréirend et ass wann e jonken Arbitter 2 Wochen waarde muss éier en säin éischte Mätch päiffen däerf, kënnt der iech secher virstellen, an dat just, well scheinbar kee Begleeder do ass fir matzeschécken, dëst obwuel aktiv Arbitter sech däer « Charge » gäer ugeholl hätten.

De Mentoring ass bei der Aus- a Weiderbildung extrem wichteg mee wat notzt e Mentor wann sengen Evaluatiounen a Virschléi bei der Usetzung vu sengem Schützling net Rechnung gedroen gëtt ? Och d'Ufederungen un d'Instrukter vun haut sinn anescht wéi fréier ; am Kontakt mat deene Jonken muss een och pädagogësch Fähegkeeten hunn, well wien eng Kéier ze héiere krut e wäer ze déck oder dass e souwisou näischt kann ass kaum nach fir den Arbitrage ze retten. Dramatësch gëtt et awer wann e jonkt Meedche gefrot gëtt ob et sou schlecht gelaf ass well et seng Regel huet an dem Instrukter dat onbedingt soë muss oder an engem anere Fall wou den Instrukter bei der Buvette iwwer dem Meedchen säin Décolleté philosophéiert huet – sou Leit gehéieren einfach net méi dohin, mee obwuel déi Saachen bekannt goufen ass absolut näischt erfollegt.
Doriwwer an iwwer déi divers Alhohol- a Sexskandaler wëll ech zu dësem Zäitpunkt awer nach net méi soen, mee an 20 Joer Arbitrage ass sou Munches a mengem Archiv geland.

Wann op engem Arbitter-Kongress (bal) all Arbitter aus dem iewëschte Kader op der Bühn steet an do e Manifest virgelies gëtt, dat zesummen ausgeschafft a verfaasst gouf a wou et ëm d'Secherheet vun den Arbitter a Spiller geet, kéint een sech erwaarden, dass de Comité vun den Arbitter d'Geleenheet notzt ze weisen, op wiem senger Säit e steet. An dat huet en och gemaach an sech am Bulletin Nr 50 vun der FLF offiziell vun der Aktioun vun den Arbitter DISTANZÉIERT !

Dass d'Arbitter absolut net zefridde sinn, hätten déi Responsabel och missten bei der Halbzeittagung am Januar mierken, wéi de normale Programm iwwer eng Stonn op Interventioun vu verschiddenen Arbitter ënnerbrach gouf well Diskussiounsbedarf bestoung. Mat wat fir engem Resultat ? Kengem ! Et geet sou weider wéi bis elo an dofir ass et fir eis einfach un der Zäit d'Noutbrems ze zéien.

Wann däin Hobby dech krank mecht, wanns de vun enger Verletzung an déi nächst fälls an däi Präsident dann och nach mengt du solls net nëmmen no dengem Kierper mee och no dengem Kapp kucken geet et einfach duer. Décisioun ass domat kloer : HIEN oder MIR.

Alles wat ech hei geschriwwen hunn, an dat ass nach nëmmen e klengen Deel vun der Realitéit, beweist, dass et keen aneren Auswee gëtt wéi en totalen Neiufank.

Wéi kéint dat ausgesinn ? Ech hat scho viru Méint proposéiert den ganzen CAF soll démissionnéieren fir dass nei Leit sech mellen kënnen, déi den Arbitrage neess nei opbauen an zur gewinnter Qualitéit zeréck féiere wëllen. Och verschidden aktuell Memberen wäere gäer bereet sech dorun ze bedeelegen a sinn häerzlech wëllkomm am Sënn vum Arbitrage ze schaffen.

Well d'Statuten virgesinn, dass den CAF vum CA gewielt gëtt, missten op engem ausseruerdentlechen Arbitterkongress konsultativ Wahlen stattfannen, deenen sech den Conseil d'Administration vun der FLF gegebenenfalls uschléisse sollt. Ausserdeem géifen op deem Kongress déi 2 Vertrieder vun den Arbitter direkt gewielt ginn.

Mëttelfristeg brauche mer eng Statutenännerung fir dem Arbitrage dee Kader ze ginn deen e brauch fir onofhängeg a gudd funktionnéieren ze kënnen. Dëst ass nëmmen mat de Veräiner méiglech mee och si hu längst erkannt wéi wichteg e qualitativ gudden Arbitrage ass. Et geet och fir si ëm vill a wëlle wëssen, dass alles korrekt zougeet. Si sinn drun interesséiert, dass Arbitter do sinn, déi gudd ausgebild sinn, dass Elementer déi sech permanent derniewend behuelen éléminiéiert ginn, Arbitter opsteigen well se hier Fähegkeeten um Terrain bewisen hunn a net aus anere Grënn.

Dat ass deen Arbitrage deen eise Futtball verdingt huet.

Häer Präsident Charles Schaack, de Ball läit bei Iech – wat ass Iech méi wichteg : d'Wuel vum Lëtzebuerger Arbitrage an domat och vum gesamten Lëtzbuerger Futtball oder Ären Stull deen der scheinbar bereet sidd mat all Moyen ze verdeedegen ?

Abby TOUSSAINT
Arbitter säit 1990
FIFA Arbitter säit 2006